MIR HU MÉI WÉI 2 MILLIARDEN AN D'LIEWENSQUALITÉIT VUM NORDBEZIERK INVESTÉIERT

VERSION FRANÇAISE

Massiv Investitiounen an den RGTR Busreseau fir een erhéichten Takt déi ganz Woch an de ganzen Dag ze erméiglechen (Mé-Sa: 5h-23h & So: 6h-22h).

Bezuelbare Wunnraum am Norden Duerch d'**Bezuelbar Wunnen-Offensiv** ënnert dem Henri Kox gouf massiv an den ëffentleche Wunnengsbau investéiert. Sou z.B. iwwert **450.000.000 €** eleng an d'Cité militaire zu Dikrich a Wunne mat der Wooltz.

Naturschutzzonen Säit 2013 sinn am Norde **4 nei Naturschutzgebidder** ausgewise ginn. Als Natura2000-Zone konnten och elo **49 Habitat-Zonen** an **18 Vulleschutz-Zonen** deklaréiert ginn.

Erneierbar Energien am Norden Den Norden ass d'Nummer 1 bei Wand- a Solarenergie. Keng aner Regioun am Land produzéiert esou vill gréng Energie fir eis Klimaziler ze erreechen. Merci dofir!

Stauséi Managementkonzept Ënnert der Koordinatioun vum Minister Claude Turmes & zesumme mat dem Naturpark, den 3 betraffene Gemengen a ville staatleche Verwaltungen ass endlech dofir gesuergt ginn, dass de Summerchaos um Stauséi duerch méi **Parkplazen**, méi **Police-** & **CGDIS-**Presenz an dem **Ranger** besser gereegelt gëtt.

Maarteler Schifergrouwen Ënnert der Kulturministesch Sam Tanson ass endlech vum Staat massiv an déi eemoleg Schifergrouf investéiert ginn an en **touristeschen Highlight** entstanen.

Biekericher Wärmenetz a Biogasanlag Den Energieminister Claude Turmes huet d'Gemeng aktiv ënnerstëtzt fir d'Wäermenetz, wat duerch eng Biogas- an eng Holzhackschnitzanlag mat **erneierbarer Energie** beliwwert gëtt, gutt duerch d'Energiekris ze leeden.

Investissementer an d'Sécherheet vum Stroossennetz wéi de **Contournement** vun **Housen**, d'**Transversale** vu **Cliärref** oder der geplangter Ëmstrukturéierung vun der N7: **660.000.000 €**.

Liichtverschmotzung Nei Konzepter géint Liichtverschmotzung si mat de Gemengen Pëtschent, Housen, Veianen an dem Naturpark Our ausgeschafft ginn. A mir wäerte weider un der Reduzéierung vun dëser fir Natur a Mënsch onnëtzer Verschmotzung schaffen.

Schierener Landschaftspark An Zesummenaarbecht mat der Gemeng, staatleche Verwaltungen & ënnert Koordinéierung vum Landesplanungsministère kréien déi Schierener Leit endlech e flotte Park.

Söll/Schweebecherbréck Bau vum Park & Ride mat Schnell-Luedstatiounen a Grënnung vun enger Wunn- a Solarkooperativ.

Branebuerger Schmaachschoul D'Kanner aus dem ganzen Norden kruten eng Plaz, wou si vum Gaart iwwert d'Kichen an d'lessen gesinn, ewéi aus der Natur gesond Liewensmëttel entstinn.

Munzen D'Robbesscheier gëtt finanziell ënnerstëtzt fir an den nächste Jore **klimaneutral** ze ginn a mat hire Päerd an hirem elektreschen Gaardematerial de Kanner aus dem Land **klimafrëndleche** Gaardebau nozebréngen.

Ëffentlech Bauten Ënnert dem Bauteminister François Bausch sinn **1 Millioun Euro** an ëffentlech Gebaier, wéi nei Lycéeën (z.B. Gilsdref & Cliärref), Administratiounen oder den Härebierg investéiert ginn.

Infrastrukture vun der Bunn wéi Garen, Parkingen, Gleiser, Tunnelen, Brécken an Informatik: Eleng fir d'Nordstreck läit den Investissement bei **326.350.000 €**

ZANO Fridhaff Eng nei **Pompjeeskasär** fir d'Nordstad. De Landesplanungsminister Claude Turmes huet iwwert d'Prozedur vun dem POS dofir gesuergt, dass de Bau vun dëser wichteger Infrastruktur geschwënn ëmgesat gëtt.

Waasserschutz Zanter dëser Regierung gëtt et **18 nei Drénkwaasserschutzzonen** am Norden. Gläichzäiteg sinn nei Héichwaasserschutz-Moossnamen an Héichwaasserrisikokaarte publizéiert ginn an een neie Managementplang ass erstallt ginn. Sou sinn och säit 2015 **38 km national Gewässerstrecke renaturéiert** ginn.